




Zäitschrëft vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten



N°3 2018-2019

De Platte Knuet

special edition



Ee grouesse Merci un eis Sponsoren

C'est la chaussure qui fait l'allure

C'est l'assurance qui fait la voiture



LALUX est une marque du Groupe LA LUXEMBOURGEOISE

Votre **nouvelle voiture**, tout comme vos chaussures, vous permet de vous déplacer aisément et souligne votre style et votre besoin de liberté!

- Grâce aux formules '**Performance**', '**Confort**' et '**Sécurité**', **easyPROTECT-Auto** s'adapte à vos besoins personnels, vos moyens et votre voiture.
- **easyPROTECT-Auto**, c'est une couverture ultra-complète qui vous permet d'opter pour une garantie Casco sans Malus, des services d'assistance 24 heures sur 24 et le paiement par mensualisation gratuite.
- Profitez en plus de rabais exceptionnels: rabais de bienvenue pour tout nouveau client, rabais de pluralité jusqu'à 100.- € par voiture lors du regroupement de vos contrats d'assurances.

easyPROTECT-Auto, c'est votre choix de qualité! Parlez-en à votre agent ou contactez notre service clientèle au tél. 47 61-1.

Découvrez les avantages de votre espace client



lalux for you

sur www.lalux.lu

lalux - meng Versécherung

PLATTE KNUET - COMIC SPECIAL EDITION

Eng B.D. fir de Centenaire: wann d'Fiktioun en neie Bléck op d'Realitéit erméiglecht...

E Centenaire ass d'Méiglechkeet fir eng Federatioun wéi d'Lëtzebuurger Guiden a Scouten, sech mat senger Geschicht ausenannerzusetzen. Gläichzäiteg soll de Bléck awer och an d'Zukunft geriicht sinn, fir den Terrain fir eis nofolgend Generatiounen ze preparéieren. Eise Mouvement muss interessant bleiwe fir déi Jonk, fir hinnen et esou ze erlaben, eemoleg a flott Erfarungen ze maachen, sou wéi mir se gemaach hunn an nach ëmmer maachen.

Den 100-Joer-Grupp, dee sech ëm de Programm fir d'Feierlechkeete këmmert, ass vun dëser Grondiddi ausgaang. Beim Jubiläumsbuch an de regionalen Aktivitéiten (d'Spotten) sinn déi lokal Gruppen an de Mëttelpunkt gestallt ginn. Dee groussen Erfolleg den 18. Mee zu Miersch, an der Stad an um Belval ass är Beloungung fir ären Asaz, deen dir do bruecht hutt. Den „Honnert“-Joer-Film, eng Animatioun a véier Deeler, mécht aktuell den Tour op de soziale Medien. Déi éischt Reaktiounen op dësen neiaartege Projet fir d'LGS iwwertreffen eis Erwaardungen a weisen, datt deen neie Bléckwénkel op eise Mouvement an d'Wärter, déi en ausmaachen, bei de Leit gutt ukënnt. Schliisslech ass et da lo um Comic, deen der op deenen nächste Säite kucken a liese kënn, deen an deem selwechte Geescht wéi de Film realiséiert ginn ass: innovéieren, iwwerraschen an de Bléckwénkel op d'LGS änneren. D'Aarbecht vum Paul a vum Fred an dëse Projeten ass luewenswäert. D'Auteuren, duerch hiert Engagement an hiren Asaz an dësem Zesummenhang, gi mam Beispill vir a beweisen, datt fir e Scout (bal) näischt onméiglech ass. Villmools Merci iech, Fred a Paul, fir är Leeschtung am Kader vum Centenaire vun den LGS.

Sou soll de Scoutsgeescht sinn: mir sollen eis Grenzen iwwerwannen, nei Erausforderungen unhuelen an dat probéieren, och, wann et munnechmol onméiglech schéngt. Dir, léif Chef a Cheftainen, drot all Joers nees op en neits dozou bäi, andeems dir eise jonke Guiden a Scouten e Summercamp organiséiert an dëse mat ären Truppe lieft an erlieft. All Camp bleift enger Guide an engem Scout an Erënnerung, a sou freeë mir eis mat iech zesummen drop, op weider flott Scoutserfahrungen. Mir wënschen iech onvergiesslech Momenter op äre Summercampen, datt dir nei Frëndschafte schléisst an dat neit Guiden-/Scoutsjoer 2019/2020 mat voller Motivatioun nees ufänkt.

Vill Spaass beim Liesen an zéckt net, äre Frënn an Noperen dës B.D. ze weisen.

Une bande-dessinée pour le 100aire : quand la fiction dévoile un regard nouveau sur la réalité...

Franchir le cap des 100 ans est l'occasion pour une fédération telle les « Lëtzebuurger Guiden a Scouten » de passer en revue son histoire. Mais en même temps, il faut porter le regard sur l'avenir et préparer le terrain pour les générations futures. Notre mouvement doit garder son attrait pour les jeunes, pour leur offrir la possibilité de vivre des expériences enrichissantes et uniques, tout comme cela était, et est toujours le cas pour nous.

C'est à partir de ce raisonnement que le groupe en charge des festivités du centenaire a préparé les activités et actions y relatives. Tout d'abord, le livre jubilaire, ainsi que les festivités régionales, ont été conçus autour des groupes locaux. Le succès retentissant du 18 mai dernier, à Mersch, à Luxembourg-Ville et à Esch-Belval, est la récompense pour les efforts que vous avez fournis. Ensuite, une animation, un film en quatre parties, fait le tour des réseaux sociaux. Les premières réactions à ce projet inédit pour les LGS montrent que le public apprécie pleinement cette façon de porter un regard nouveau sur notre mouvement et sur les valeurs qui le caractérisent. Finalement, la bande-dessinée que vous allez pouvoir découvrir dans ce numéro a été conçue et réalisée dans le même état d'esprit : innover, surprendre, et modifier l'angle de vue sur les LGS. Le travail réalisé par Paul et Fred dans ces deux projets est considérable. Les auteurs, par leur engagement et leur dévouement à la cause LGS, donnent l'exemple que pour un scout (presque) rien n'est impossible. Merci à vous, Fred et Paul, pour votre contribution au centenaire des LGS.

Tel est l'esprit scout : il faut repousser nos limites, relever des défis nouveaux, même si ceux-ci paraissent parfois impossibles à atteindre.

D'année en année, c'est vous, chers cheftaines et chefs, qui contribuez à promouvoir l'idée du guidisme et du scoutisme en ce sens, en organisant des camps d'été où vous offrez la possibilité d'acquérir des expériences nouvelles. Chacun de ces camps restera gravé dans notre mémoire, et nous nous réjouissons de partager ces moments avec vous.

Nous vous souhaitons de passer un moment inoubliable lors de vos camps d'été, de nouer plein d'amitiés, et d'entamer l'année guide-scout 2019/2020 avec plein de motivation.

En attendant, bonne lecture de ce numéro, et n'hésitez pas à le montrer à vos amis et voisins.

BE PREPARED!

**ANOUC GALASSI
YVES „IVO“ MARCHI**




HONNERT

eng Geschicht a Bild & Ton



100 JOER LËTZEBUERGER GUIDEN A SCOUTEN

ESCH BELVAL



LËTZEBUERG





MIRSCH



HONNERT

eng Geschichte vun a fir
Guiden a Scouten

vum Paul Kohn & Fred Mersch

Salut. Ech sinn de Rafa.
Dat hei ass mäi Bam.
An ech sinn nei bei de Scouten...

... si hu mech mat op hire Camp geholl.

't wor am Ufank e bëssi strange. Ech wor den
totalen Noob.
LEARNING BY DOING nennen se dat.
Rucksak schleefen, um Feier kachen, sténkeg
Féiss a keen Internet...


...chille grad a si frou...!

Hunn alles, wat ech brauch an näischt, wat ech net brauch.

**DAT WOR NET
EMMER SOU!!**



KEE BOCK OP SCHOOL !!



PROFF NERVT

**AN DOHEEM ASS
ET OCH NET VILL
BESSER**

Alles Beton! Alles gro. D'Welt ass eng global
Geeschterbunn...



Gi mol kucken wat de Bop
mécht...

... deen huet meeschtens
gutt Iddien!

Hey Bop! Wat leeft?



CLIC

CLIC



Deemoos wolte se jonke
Borschte wéi dir bäibringen, an
der Natur ze liewen...

... AN ZE IW WERLIEWEN.

CLIC

CLIC



Komm hëllef mer meng al Diaen
duerchkucken. Fir d'100-Joer-Feier
wollt ech e puer Biller raussichen.

WOW!



WOSST DU, DATT...

1913 déi éischt Scouten zu
Lëtzebuerg enstane sinn an...

1915 déi éischt Guiden

1919 déi éischt Statute vun de
Scoute geschriewe gi sinn

CLIC

CLIC


CLIC

CLIC

CLIC



Dat gesäit aw er alles zimmlech no
Arméi aus... .



De Lord Baden Powell (de BP) ass
1857 zu London gebuer an 1941 am
Kenia gestuerwen a begruewen.
Hie wor Zaldot, awer och Moler,
Schauspiller a Musiker.

Seng Erfahrungen aus der Arméi
schreift hien a verschiddene
Bicher néier. Sâi Buch „Scouting
for boys“ gëtt spéider d'Basis
vum Scoutismus. De BP wollt awer
ni hunn, datt d'Scouten eng Zort
Militär fir Jonker wieren.

Kéint ee bal mengen...

GRINS

D'Scoute si jo och vun engem britesche
General gegrënnt ginn...
dem **LORD BADEN POWELL**

1907 wor dat... wann ech mech richteg
erënnere.

A WOSST DU OCH...

... datt am 2. Weltkrich d'Guiden a Scoute verbuede woren.
Verschiddener vun hinnen hunn awer heemlech weidergemaach. Am
Ënnergrond hu si géint déi däitsch Besatzung geschafft. Si wore
Resistenzler vun der éischer Stonn. Ronn 500 Scouten hunn am Krich
hiert Liewe gelooss.



Wann dann d'Lompe gestonk hunn, war ee fir deen aneren do. Dat sinn d'Scouter, mir sinn net vun der Heck gepléckt.
An dat sinn och genau déi Saachen, déi bis haut net geännert hunn.

- 1) Feier maachen
 - 2) Spuere liesen
 - 3) Orientatioun
 - 4) Kniet maachen
- ... an dat... **AM TEAM!!**

... ganz schéin old school, Bopi!
Feelt just nach mat der Gittar beim Feier sangen. LOL!



E SCOUT SCHAFFT DRUN D'WELT BESSER ZE VERLOSSEN WEI EN SE VÍRFONNT HUET

Maach och mat. Hues jo soss keng ze dinn, oder? Si ginn elo bestëmmt op de Camp an huelen dech mat.

... a sou sinn ech bei de Scouten um Camp gelant

... mee Recht huet en:
d'Liewen an der Natur ass
schonns zimmlech cool.

... an zw ee nei Frënn hunn ech och.



MAX

ass bei mir an der
Schoul, mee hunn dat
ni gecheckt.

Seng Mamm ass
gestuerwen a säi Papp ass
fort.

Elo wunnt hatt am Kannerduerf.
KRASS!

DÉCK AN DER REI

KLENGEN

Anung, wéi e ^{keng}
richteg heescht. Jiddereen
nennt en einfach de Klengen.

VOLL DE MUSTERSCOUT





Lord Baden Powell



Liewensprojet



WOSM



Léift



learning by doing



Kreativitéit



Foulard



Heemecht



Reesen & Entdecken



Hike



Camp



Versprieche



De Klengen huet esou en Tick mat Pogs. Iergend sou e Spill, wou ee kartongs Stonge sammelt...

Hey Komerod Rafa... hoes du de Chargéplang net gecheckt?
Et ass un dir ze kachen!



Co-education



Chargen



Orientalioun



Feier



Natur



Kniert



WAGGS



Spiritualitéit



100-Joer-Slammer

WTF=POGS?

- **POGS ASS E SPILL**
- **GESPILLT GËTT MAT STONGEN**
- **D'SPILLER WIESSELE SECH OF, FIR E SLAMMER OP DE KOUP MAT DE POGS ZE GEHEIEN**
- **D'POGS, DÉI ËMGEDRÉINT LEIE BLEIWEN, KANN EEN DANN HALEN**



Scan de Code a fann eng Erklärung a Bild an Toun ab Minutt 3:33



E bëssi méi spéit am Owend. Si hu gress a sëtze gemittlech beim Feier.



RÄÄÄPS

UUPS... PARDON

A wat leeft muer?



Also, Komerod. Muer gi mer op den Hike. A well d'LGS 100 Joer feieren, ass den Hike e bëssi wéi e Rallye.



KNISTER
KNISTER



huet ee mäi Pijama gesinn ?
wou ass meng Zännseef ?
mäi Schlofsak klemmt !

Mir kréien iwwer WhatsApp Froen zur Geschicht vun de Guiden a Scouten. D'Äntwerte weisen eis dann de Wee.



Nuetsrou...





Scout du wëllta rann...

Da leeta deng Frienn ni hanken

Gleef un eppes méi Greuapere
egge, wéi a du et nenna



Sich! A geff dengem Liewen e Senn




Vergiesat ni: dee Staarke schützt dee Schwachen

Gutt ënnerwee!



Informatioun a Reservatioun
Sales-Lentz, Ären Expert fir Bus-Locatiounen
© (+352) 26 65 11
(Méindes bis Freides 8.00 - 17.00)
www.sales-lentz.lu



Sales-Lentz
moving people



Aaa... Koordinaten! Klengen...
Kaart op a Kompass eraus.







**A WÉI ENGEM
JOERHONNERT
LIEFT DIR?**




... bei Maps ass et dat hei.
Raum däin Nord-Süd-
Dings ew ech.
LET'S GO!





Rafa, huel déi Fläsch!
Do ass eppes fir eis dran.



Moiën, léif Scouten. Dir hutt d'Fläsch fonnt, also hutt dir d'Koordinate richtig gelies. Weider geet et mat engem Quiz. D'Léisunge w eisen iech de Wee.

BONNE CHANCE



Hey Bop... wat ass Jamboree? 🤔

Jamboree = grouss Scoutstreffen... national oder international



Dat Rätsel wor jo easy. Sou, Klengen! Huel deng Minibeem an de Grapp... musse virumaachen. Ass nach e Stéck.





Mëttespau

Lo kënt dee beschten Deel... eppes ze buffen.



GROMMEL



WOW! Kanns déck gutt Feier maachen...

... net schlecht fir e Meedchen !!



ELO LAUSCHTER GUTT NO!



Den **ÉISCHE GUIDÉGRUPP** zu Lëtzebuerg gouf et schonns 1915. Säit deem maache mir Feier.


Mir Meedercher hunn also 104 Joer Erfahrung mam Brennes.

A mir sinn d'Guiden.

MIR WEISEN IECH AARME WIERMERCHER, WOU ET HIGEET!



du Nullchecker



Fir datt ech
dat elo richtig verstinn...

Op där enger Säit huet een
d'**WONDERWOMAN**.
Hatt ka super Feier a fett Kniert
maachen... an de Männer den Diks richten.

Op där anerer Säit ass de **SUPERMAN**.
Hie ka wonnerbar kachen a sangen.

An irgendwann hu se getindert a gemierkt, datt
et méi flott ass, d'Welt gemeinsam ze retten.

A säitdeem maache se zesumme Feier a Kniert,
broden zesummen de Wupp a schlofen am selw echten
Zelt.

ALLES KLOER !



Kuck! Mir sëtzen elo hei
irgendw ou an der fräier
Natur a kachen eist
Mëttegiessen. Just mir dräi.
Do léiere mir dach zéngmol
méi wéi an der Schoul, oder?

Jongen a Meedercher kann
a soll een net trennen. Si
sinn net d'selw echt, mee
aw er gläich.

D'Guiden a Scoute
w ore fréier getrennten
Organisatiounen.
Mee si hu schonns ganz
fréi zesumme geschafft.*

An 1994 hu si sech
bestuet.



e bëssi méi spéit...



TRÖT TRÖT




Mir müssen op de Kierchberg bei RTL. **EVIDENT!**



Rafa, dat ass do, wou 2017 de groussen **INTERNATIONALE CAMP**, de GoUrban, war.



Uups... huet een e Präbbeli dobäi?



Dohanne komme mer bestëmmt ënnerdag.





A, do sidd der jo endlech...e
bëssi Blätz an Donner, a
schonns komme se gerannt...

... WÉI D'HINGER AN
DE STALL.

... an de
Rescht vun
der Zäit stinn
ech eleng hei.

Joerdausende wore mir
d'Luucht vun der Welt!

... d'Brout vum
Liewen!

... d'Paart, duerch déi
ee goe muss!

... a kuckt mol, wéi se
eis elo d'Féiss verpecht
hunn !!

**ENG SËNN AN
ENG SCHAN.**



**FUCK
THE SYSTEM!**



TUCK FRUMP



**REFUGEES
WELCOME**

An da komme sou Jüngle wéi dir...



a maacht d'L uucht aus...



a klaakt d'Dier



... wann ech mer d'JUGEND vun haut sou ukucken

...da VERZWEIWELN ech...an zwar un der Zukunft vun der Zivilisation!

Eis gëtt et op der ganzer Welt. Bei de Scoute léiere mir fir d'Liew en.

... AN ZWAR, WELL MIR DAT SELWER SOU WËLLEN. DAT ASS D'HAERZ VUM SCOUTISMUS.

HEY TIME OUT BABO!

mir hu kee Beef mat dir. An...
... e puer Stickeren op denger Zill hei sinn net d'APOKALYPSE.

A mir si keng Jüngle!
MIR SI SCOUTEN!
... a GUIDEN!



LEARNING BY DOING



Kuck mol hei ! De Sticker hei seet:

**E SCOUT LAACHT A
PÄIFFT, OCH WANN ET
KRÄMPES KASCHT**



Oder bei deem hei, do fält mer och en Zitat vum BP an:

**VERGIESS DE SYSTEM
PROBÉIER ET EINFACH !**



Alles dat huet de BP schonns viru méi wéi
honnert Joer gesot.

Fir en Erwuessenen hat de Mann
effektiv keng schlecht Iddien.



... an de BP huet och gemengt, et sollt ee bei déi gutt Eegenschafte vum Chrëschtentum nach eng bäiflécken:
ËMMER GUTT DROP ZE SINN



Allez ! Fort mat iech...
maacht iech op de Kierchberg.

A jo ! A gitt am Fridden.





So wien ass eigentlech déi Tatta mat dem Lionerkrantz do uewen?

Net d'äin Eesch, Rafa.
Dat ass d'**GËLLE FRA**

Si steet fir all déi Lëtzebuerger, déi an de Weltkricher gestuerwe sinn. Och d'Scouter hu jo an der Resistenz matgeschafft. Bestëmmt ass de Rallye dowéinst hei laanscht komm.

fir datt mer dat net vergiessen!





Mir hu bestëmmt gewonnen!



Kloer, Mir sinn déi Besch!



Es sinn gewonnene an der gewinnung





Si wierklech net méi domm gi bei den LGS. Däerf hei Feeler maachen... meng Meenung soen, ouni datt ee mam Fanger op mech weist... ka w eisen, wat ech kann... an et mécht mech keen domm un.



... AND THE WINNERS ARE



Dät 4 Episode vum Film HÖNNERT
fannt dir op YouTube



Paul & Fred

Scout toujours, même sur ta carte bancaire !



Dès à présent, commande ta carte bancaire BIL gratuite et personnalisée aux couleurs du LGS sur www.bil.com ou en agence.

Retrouve-nous sur



Cette offre est soumise à conditions.
Renseignements sur www.bil.com ou en agence.

Vous avant tout



BANQUE
INTERNATIONALE
À LUXEMBOURG

PRODUCTION TEAM BILD & TOUN



PAUL KOHN

writer / producer



Haaptberufflech schaffen ech an der Administratioun vun engem Lycée. Sait menger Jugend realisieren ech divers Projeten am audiovisuelle Beräich.

kohn_paul@hotmail.com

FRED MERSCH

writer / artist



Ech hu Kommunikatioun studéiert a mech am audiovisuelle Beräich op Motion Design a Bildbearbeitung spezialiséiert. Schaffen awer och als Handwierker an am Event Management. Bei den LGS wor ech vu klengem un a wor laang Joere CaraPio-Chef.

fredmersch@gmail.com

DANIEL BALTHASAR

musician / composer



Ech si Singer-Songwriter. Meeschtens ass d'Stëmm mäin Haaptinstrument, awer ech schreiw en och gär fir méi experimentell Projeten a Filmer.

mail@danielbalthasar.com facebook.com/danielbalthasarband
danielbalthasar.com instagram.com/danielbalthasarband

picture by Veronique Kolber

MEHELLE CORSELITZE

artist (pogs & coiver)



Graduéiert an den 'Arts appliqués' souwéi dem Grafikdesign, sinn ech niewent mengem Vollzäitberuff haaptsächlech am Beräich vun der Konscht tätég. Ech schaffe gréisstendeels un eegenen Illustratiounen.

www.etsy.com/shop/mimicorselitze
www.mimicorselitze.com contact@mimicorselitze.com

CHRISTOPHE HUBERT

audio engineer
jgm records



Ech sinn Touningenieur, deen niewebäi awer och Videoproduktiounen a Fotografië mécht. Ech hunn Audioproduktioun studéiert a mech op Audiorecording a -mixing fir Film spezialiséiert. Ech si bei den LGS am Odyssee-Projet a Brasilien a beim Native Village um Neihaischen aktiv.

jgmrecords.com
christophe-hubert.com chubert@jgmrecords.com

TUN TONNAR

musician / composer



Ech spille Piano, Gittar, ech sängen a schreiw e Lidder. Momentan studéieren ech Music Production am Abbey Road Institute zu Berlin. Well ech och an de Scoute war, huet dëse Projet och eng emotionell Bedeitng fir mech.

facebook/turnuptun instagram.com/turnup_tun

XTRA MERCI

Pit Reuter - Rafa	Luc Nilles - Moderator	KiwiMedia - tech support
Dounia Beil - Max	Anne Weyler - Chef Scout	Marcel Kramer - location
Sam Thoss - Klängen	Ern Kohn - Jesus	Marc Weis - proof reader
Versavia Peckels - Schülerin	Nilton Martins - casting director	Bruno Winter - proof reader
Albert Kreitz - Bop	Thao Mersch - graffiti designer	Sonia Thewes - proof reader
Fusionbomb - Schoulmeeschter		

Impressum

LGS Zeitung- N°3, 2018/2019
Zäitschrëft vun de Lëtzebuenger Guiden a Scouten, kënn 3 mol am Joer eraus.
Redaktioun a Mataarbechter vun dëser Nummer :
Fred Mersch, Paul Kohn, Zeitungsekip
Fotoen : ??
Editeur :
Lëtzebuenger Guiden a Scouten
5, rue Munchen-Tesch
L-2173 Luxembourg
www.lgs.lu
Kontakt : platteknuet@lgs.lu
Bei Adressännerung w.e.g. de lokale Grupp kontaktéieren!
Dréckerei : Print Solutions
Gedrëckt op 100% recycléierte Pabeier
Oplo : 4600 Stéck

E grouse Merci, deenen, déi zu dësem Platte Knuet bäigedroen hunn !

Luxembourg
Port payé
P/S.400

Exp.: Lëtzebuenger Guiden a Scouten

www.lgs.lu